

WANDROUS

N° 333 Fréileng / Päischtmount 2011

avril / mai



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waart braucht Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Beaver Velos-Sortie



Fiers du gaeren mam Velo, an bass gaeren
dobaussen an der Natur mat dengen
Scoutskollegen?

Dann komm den 14.Mee mat op eis Velossortie!
Als éischt gët et eppes guddes z'iessen an dann
geet et ab op den Suedel!

Rendez-Vous:

Den 14.05.2011 um 11:30 beim Home vun den Lions Bleus

Fin:

Den 14.05.2011 um 18:00 beim Home vun den Lions Bleus

Material:

Velo (mat nokontrolléierten Loftdrock & Bremsen), Helm, Ruck-
sack mat engem Bidon/Fläsch Waasser

Praïss:

4€, sinn bis den 01.05.2011 ze iwwerweisen op den Compte
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. – Beaver
(CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000)
mat der Mentioun Velossortie+Numm vum Kand

Umeldung :

D'Souche ass bis den 1.05.2011 bei dengen Cheffen oof ze
ginn!

Beaverklack
Maiti, Lena an Nora :)

Heimat erlaaben ech.....mengem Beaver

.....un der Beaver Velos-Sortie

den 14.05.2011 deezehuelen.



.....
Ënnerschrëft

Päischtcamp 2011

Päischtcamp 2011



Leiwén Scout.



mir schreiwen d'Joer 1908 an ech, Robert Stephenson Smyth Baden-Powell, 1. Baron Baden-Powell, alias B.P., och bekannt als Grënner vun de Scouten, invitéieren dech herzlechst op main éischten Camp, deen ech zu Letzebuerg organisieren. D'Scouten sin ganz nei an nach net vill Leit wëssen waat daat ass. Mee du solls derbai sin an kennenleieren wei

d'Scouten waren, wéi se ganz nei gegrenzt waren. Léier zesummen mat dengem Kollegen mat Bengelen Feier ze maachen, mat Holz e Flooss ze bauen oder ouni nei Technologien ze iwwerliewen. Mir verglaichen d'Scouten vun haut mat deenen vu virun 100 Joer. Kompass géint GPS, Faakel géint Täscheluucht, SMS géint Morsezeechen an nach vill aner Saachen! Den Départ vun der Zaitmaschin fënns de hei ennendrenner. Mee pass op, et sin net vill Plätzen dran, dovir mell dech séier un an verpass desen Event net!



Wéini?

Scouten an Explorer: Samschdes, de 28 Mee 2011 um 9 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

Wëllefcher: Samschdes den 28. Mee 2011 um Halwer 2 op der Gare Centrale de Luxembourg.

Beaver: Sonndes, den 29. Mee 2011 um 9 Auer um Misärshaff bei Arsdorf.

Retour:

Vir Beaver: Méindes, den 30. Mee 2011 um 18:30 zu Dummeldeng op der Gare

Vir Wëllef, Scouten, Explorer: den 31. Mee 2011 um 17 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

Material:

Schloofsaack vir dobaussen, Carrymatt, Gamelle, Kichenduch, Bidon, Täscheluucht, Biergschong, liicht Schong, Wäschaachen, dem Wierder ugepassten Kleeder an Ersatzkleeder, dem Wëllefchen seng 5 Saachen, ... , JUMBOSKAART oder E-GO KAART oder 2 ROUD TICKET'EN .

Souche:

Ass auszufellen an oofzequin bei dengen Cheffen bis den 14. Mee 2011.

Prais:

Vir d'Beaver 20 Euro an vir déi **Wëllef, Scouten an Explorer** sin 45 Euro bis den 21 Mee 2011 ze iwwerweisen op den Compte vum Manon Fischer (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mam Stëchwuert PC2011+Numm vum Kand

SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE.SOUCHE-SOUCHE



Heimat erlaaben ech
 mengem Beaver / Wëllefchen / Scout / Explorer / Rover

um Paischtcamp (28-31 Mee 2011/vir Beaver 29-30 Mee 2011)
deelzehuelen an iwwerweisen d'Suen virum Camp.




Döst ass eng offiziell Umeldung! Ennerschrëft:.....

Päischtcamp 2011

Fir d'Beaver Elteren

Vir dass d'Beaver och alleguerten den Wee bis op den Camp fannen, ass hei eng Kart, vir dass d'Elteren och hir Scoutschenten ze beweisen:



ADRESSE:

Misaershaaff
L-8808 ARSDORF
gps: N 49° 51' 59,3"
E 05° 49' 48"

BEAVER Piraten-Sortie

Fir Beaver

Piraten Sortie

Wolls du schon
richtegen Pirat
Schatzsuche
staark Piraten



ëmmer mol en
sinn? Op
goën, wéi déi
kämpfen an wéi

dës all zesummen am groussen Krees
speisen??

Dann mell dëch séier un op eis geféierlech
!!! Piraten-Sortie !!!

Rendez-vous? Samstes, den 4.Juni 2011, um 10 Auer bei der 'Gëllen Fra'

Retour? Samstes, den 4.Juni 2011, um 16 Auer bei der 'Gëllen Fra'

WAAT muss ech mathuelen?

Bic an Block, Bidon mat Waaser,
Piratenverkleedung, dem Wieder ugepassten Kleeder...

Umellung?

D'Souche ass bis den 28.Mee oofzeginn &
5 Euro sinn op den Beaver-Compte (CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000) mat der
Mentioun: Piraten-Sortie 2011 + Numm vum Kand ze iwwerweisen.

Beaver Klack
Lena,Nora,Maiti



Heimat erlaaben ech _____ mengem klengen Pirat

_____ den 4.Juni 2011 mat op Piraten-Sortie ze goën.

.....


Ënnerschrëft

Troupensortie 2011

Scouten & Guiden

Du bass verluer am Bësch? Waat mëss de? Du denks 'Gott sei Dank' sinn ech en richtegen Scout an kann mëch orientéieren ;)

Wëlls du dech nie méi op engem Trajet verlaafen? Wëlls du en Profi an Sachen Orientatioun ginn? Wëlls du léieren wéi een d'Natur zu séngem Notzen gebrauchen kann? Dëst sinn allegueren Eegeschafte vun engem richtegen Scout, engem Pfadfinder, engem deen den Wee ëmmer fennt! Komm mat op dës Sortie wou's du all déi Saachen léiers an direkt praktesch uwends. Dëst machen mer op enger cooler Plaz an dobei kritt der witzeg, usprochsvoll & scouts-like Missiounen gestallt. Mir hoffen dir sidd dobei ;)




Rendez-vous? 11.6.2011 um 10.00 op der Kockelscheier (Parking vun der Patinoire)

Retour? 11.6.2011 um 17.00 op der Kockelscheier (Parking vun der Patinoire)

Wichtig Saachen: Biergschong undoen! Bidon mathuelen! Sachen vun der Orientatioun mathuelen fir déi déi eppes dovun hun (Kompass, Réimer, Geodreieck, Bic, Block...)

Suen? W.e.g. 5€ mat op den Départ matbréngen.




Heimat erlaaben ech

mengem Scout/Guide.....

op d'Troupensortie den 11.Juni 2011 matzegoen

Ennerschrëft:



Sortie Beaver

Scout fier een Daag



Scout fier een Daag

Am Kader vun 2011-Anée Eurpéenne du Bénévolat mat der Ennerstëtzung vun de Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg organiseiert LBSA den Dachverband vun den lëtzebuergeschen Scoutsgruppen en Rallye duerch d'Staat. Wanns de also en flotten Nometten ennert dengen Beaverkollegen wëlls dann mell dech un !



Wéini: Samschdes den 18. Juni an der Stadt Letzebuerg
(Genau Auerzaït kritt der nach matgedeelt)
Praïss: 4Euro bis den 1 Abrëll op den Compte vun den Lions-Bleus-Beaver ze iwwerweisen
CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000
Umeldung: Souche bis den 1 Abrell oofginn

Beaverklack,
Maiti, Lena an Nora

Heimatt erlaaben ech.....mengem Beaver

.....un der Sortie "Scout fier een Daag" den 18.Juni 2011 deelzehuelen.



.....
Ennerschreft

D'Organisatören vum 20. Gala

soen en megagroussen

MERCI

der Akaaf- an Kachéquipe

der Zervice- an Ofrauméquipe

der Spull-, Raum- an Botzéquipe

der Tombola- an Décorséquipe

den Gäscht fir hiirt Vertrauen an hieren Grëff an de Portemonni

den Gäscht fir hir generéis Participatioun un der Tombola

dë Frënn an Bekannten fir hir Don'en

onsen Sponsoren fir di grouarteg Ënnerstëtzung

Total Recettes: lessen, Don'en an Tombola	2.320,00 €
Total Dépenses	1.061,48 €

Bénéfice net	1.258,52 €
---------------------	------------

Wou sin d'Suen higaangen:

MSF	1 000,00 €
Indescht Patenkand	200,00 €
Fond de calamité	58,82 €

Merci un ons Sponsoren:

Aral Luxembourg, BCEE, Boutique Richy, Brasserie de Luxembourg
Mousel-Diekirch, Brasserie Simon, Cactus, Caisse Raiffeisen, Edition
Revue, Erny Ernster, Garage Collé, Hôtel Hilton Luxembourg, Hôtel
Pax – La Locanda, Hôtel Restaurant Il Campanille; Hôtel Le Royal,
Munhowen – Bofferding, Optique Meyer Luc, P&T, Salon de
Coiffure Hair Connection, Tapis Hertz, Utopia, Viking Adventures,
BGL BNP Paribas, Musique Wolf, The Guit Art, Coopérative de
Bonnevoie, Galerie Coopérative de Bonnevoie, Acadi & Printing.
Coiffeur du monde, Divine Beauté Cosmétique, Blooms Art Floral,
Electro Ferreira, Self-Service Dos Santos, Optique Meyer-Wagener,
Mullebutz a Schlecker

De Gala geet an d'Pensioun 2019 Gala

Dëst Joer hu mir onse lëschte Gala am Home ofgehaalen,
a et muss ee scho soen verschidde Léit hun dovunner eng kléng behaalen.

Mir blécken zeréck op 20 Joer,
a munchmol wor d'Organisatioun net esou kloer.

Blo Léiwen, Frënn vun de bloe Léiwen sinn an d'Home iese komm,
an der Kichen huet ee gemengt et wier ageschloen eng Bomm.

Et gouf vill a gudd giess, gedronk a sech gudd amüséiert,
an dat huet guer keen gestéiert.

D'Tombola gouf gezunn mat Kaarten a Bongen,
an zervéiert de Wäin, hun natierlech ons Jongen.

D'Meedercher hun sech ëmmer an hier bescht Tenue geschmass,
fir beim Client ze glänzen ewéi en Ass.

An der Kichen gouf gebratscht a gebrutscht,
déi eng oder aaner Taart gOUNG och futsch.

An der Spulkichen goufen d'Telleren, d'Besteck an d'Glieser erem op Toure bruecht,
a fir ee Joer erem propper an de Schaaf geluecht.

Jidereen huet eng Hand mat ugepaak,
well esou haate mir och duerno vill Suen am Saak.

D'Lions Bleus hun 20 Joer laang fir e gudden Zweck gespent,
keng Angscht do haate mer wirklech net gepennt.

Noom flotten Iessen gouf den Torschong duerch d'Home geschmass,
an ech soen ierch dat Home ass nawell grouss: nondikass!

De Gala mécht seng Dieren zou,
dee brauch einfach elo seng wuelverdengte Rou!

Dat heescht nach laang net, dass d'Lions Bleus näischt méi wärte organiséieren,
dir musst elo net all panikéieren!

Op alle Fall wier de Gala ouni verschidde Léit mat Engagement näischt ginn,
an déi kënne ganz houfreg op sech sinn.

E grouse Merci un déi Léit, déi jorelaang gespullt, geraumt, gebotzt, zervéiert, gekacht, akaaf,
organiséiert hun, ouni ierch wier et einfach näischt ginn an dat ass net gelunn!

Zu gudder läscht e grouse Merci un all déi Léit déi ëmmer iese komm sinn,
natierlech wor dat nët ëmmer eppes fir d'Ligne!
Mee duerch ierch krute mer vill Suen zesummen,
an dofir brauchen sech d'Lions Bleus guer net ze schummen!

Also e grouse BRAVO fir de Gala, dee geet elo definitiv an d'Pensioun,
wien en awer vermësst kann him villäicht schécken eng SMS op säin I-Phone!

Programm Beaver

Den Beaver - Programm

ABRELL:

- | | | |
|--------|----------------------------------|-------------|
| 2. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 9. | Keng Versammlung-->Vakanz | |
| 16. | keng Versammlung -->Vakanz | |
| 17-19. | Beavercamp | |
| 30. | Keng Versammlung--> Roverweekend | |



MEE:

- | | | |
|---------|-------------------|-------------|
| 7. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | Keng Versammlung | |
| 22. | Beaver-Funday | |
| 29.-30. | Paishtcamp | |

JUNI:

- | | | |
|------|---|-------------|
| 4. | Piratensortie | 10:00-16:00 |
| 11. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | Sortie: Scout fir een Dag (genau Auerzeit gett nach matgedeelt) | |
| 22.. | Faakelzuch | |
| 25.. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

JULI:

- | | | |
|-----|-------------------|-------------|
| 2. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 10. | Pow-wow | |
| 17. | Léiwefest | |



Beaverklack

Lena & Nora & Maiti

Programm Meute De Meute - Programm



Vakanz

Vakanz

(Rover-We fir d'Cheffen)

Abrëll



2 ~3	Sixplo
9	keng Versammlung
18-20	Ouschtercamp
24	keng Versammlung
30	keng Versammlung

Mee

7	Versammlung	14:00 - 16:00
14	Sortie	14:00 - 16:30
21	Versammlung	14:00 - 16:00
28 - 31	Gruppen Päischtcamp	



Juni



4	keng Versammlung	Vakanz
11	Versammlung	14:00 - 16:00
18	Versammlung	14:00 - 16:00
22	Faackelzuch	20:45 -
25	Versammlung	14:00 - 16:00

Juli



2	Versammlung	14:00 - 16:00
9	keng Versammlung	
10	Pow-Wow	
16	Léiwefest	



Schéin Vakanz

Deng Meutecheffen: Chouette / Tahr / Sophie / Prunelle / Claude / Charles

Programm Troupe

den Troupe - Programm

ABRËLL

- 2. Patrullenversammlung 14:00-16:00 (fir d'Leadership)
- 9.&16. keng Versammlung --> Vakanz
- 18.-20. INTERTRUPPEN-OUSCHTERCAMP
mat den Dippëcher Dachsen & Echternacher Quachlécken
- 23. keng Versammlung --> Vakanz
- 30. PATRULLENSORTIE fir Patrull Puma&Quokka fir Leadershipformation
& ROVER-WEEKEND (fir Cheffen&Rover)

MAI

- 7.-8. EXPLO (Wikinger-Meeting)
- 14. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 21. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 28.-31. GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP
zesummen mat den Beaver/Wëllef/Explorer&Rover

JUNI

- 4. keng Versammlung --> Vakanz
- 11. TRUPPENSORTIE
- 18. RALLYE 'Scout fir een Daag' an der Staat
- 22. FAACKELZUCH &
LBB Grillstand an der Staat.
- 25. Patrullenversammlung 14:00-16:00
(Abgabetermin Patrullenklasseur)

JULI

- 2. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 9.-10. POW-WOW
- 16. LÉIWENFEST zu Bouneweg
Fir all d'Memberen & Frënn vun den Lions Bleus



Lex / Christophe / Mauro & Tamia

Programm Explorer



ABRELL

2.	Explorerversammlung	14:00-16:00
10-15.	Explorercamp Ardèche	
23.	keng Versammlung	
30.	Roverweekend	

MEE

1.	Roverweekend	
7.	Explorerversammlung	14:00-16:00
14.	Explorerversammlung	14:00-16:00
21.	Explorerversammlung	14:00-16:00
28-31.	Päischtcamp	

JUNI

4.	Explorerversammlung	14:00-16:00
11.	Explorerversammlung	14:00-16:00
18.	Scout fir een Dag	
22.	Faakelzuch	
25.	Explorerversammlung	14:00-16:00

JULI

2.	Explorerversammlung	14:00-16:00
10.	Pow-wow	
17.	Léiwefest	



Rapport Techuana 2011

Fréides, den 18. Februar 2011

Um 18:00 hun mir eis am Home getraff. Eis Valisen haaten mir schon e Mëttwoch bruecht. D'Patrullen sinn gemaach ginn an hun schon eis Chargen fir den Owend gemaach. D'Feier huet missen gemaach ginn, d'Poubellen missten eidel gemaach ginn an den Tableau mat den Chargen vum Camp ass viirbereed ginn. Virum I eseen haaten mir nach bessi Zait fir eis ze beschäftegen. Dun sinn mir I essen gaang. Déi déi deen Dag spullen missten sinn et dann maachen gaang an dono haaten mir nach bessi Zait fir eis ze beschäftegen. Spéit sinn mir nët schloofen gaang, well en Samsten missten mir schon um 5 Auer aus den Schloofsäck.

Samuel Lemoine

Samstes, den 19. Februar 2011

Moies um 5 Auer vum Home. Ennerwee sin mier e puer mol stoenbliwwen fier op d toilette oder op d tankstell. Ongeféier um 12 Auer sin mier opo een Haff gefuer weu mier d Mettesiessen gies. Dono sin mier weidergefuer. Um 5 Auer sin mier unkomm hun mier als eicht alles ausgepaak. D ass och schon ebessen Holz kleng gemach gin.

Sam Schmitt

Sonndes, den 20. Februar 2011

Den Sonden war den eischten ganzen dääch um camp techuana. Mir sin wei emmer opgestäanen, an sin an de care gaangen. Haut war den care exceptionell am Haus dobannen gehääl. Chargen fun den patrullen waren schon verdeelt an dofir as alles och schnell gäangen. Moies hun mir dann schmieren & müsli giess. Tei an kaffi gouf et och. Leit gouffen nom iessen an gruppen gedeelt fir holz ze maan, ze tesselen, schnei zu scheppen an eist praktescht wasserschlauch ze installeieren. Wasser gouf dofir aus da Baach niewendrun geholl, an weint dem heigenennerscheet zweschen den zwee enden, gouf et emmer fleissend wasser an der Kischen. Holz kruten mir vum Schap an daat gouf dan mat Beil an motorsee zersteckelt. Mat der Schubkar gouf Holz durch den gescheppten Wee dann gedreckt. An herno propper getesselt. No enger zeit war et dann schon mettes, an mir sin dan vun der Kachequip prepareiet iessen iessen gaangen. Esch sin mir och secher daat et gut war, och wann ech mech nemmei an'd iessen arenneren kann, iessen war jo emmer tip top! Dann waren chargen erem an der rei. Eemerer fird toiletten waren elo schon aidel an sie gouffen dan an dar Baach gefellt. No den chargen war awer nemmei souffill schnei ze scheppen an holz ze maachen, dofir sin mir och gleich e bessi treppelen gaangen. Mat bääl der ganzer trup an mam Hond sin mir dann trepelen gaangen. Eisct sin mir kuerz mam Auto gefuehr, an dan sin mir getreppelt. Als eischten sin mir mol eng schein aussichtspläätz kucke gäangen. Do konnte mir ais nimm an en klengen häftchen schreiwen. Do hun mir mol fird Lions Bleus eng ganz seit reserveiert. Schued daat et awer net souffill schnei do gouf. An manchmol ennerwee war guekeen schnei. Dono sin mir durch den Scheinen Eischerreichen Besch getreppelt an hun ennerwee puer oofkierzungen geholl. Eemool och eng rutschpartie durch den Bulli. Dan sin mir eis kleng Baach bis bei den camp Techuana noogäangen. Mir wäären vielleicht annerhallef stonnen ennerwee. Dono hatten mir besser zeit fir ze relaxen an hun entweder Karten gespiilt, den Nöckel am Guitar spillen



Rapport Techuana 2011

nogelauschtert oder esos eppes gemääch. Mat den Scouten an puer Explorer hun mir och kuerz dobaussen am donklen verstoppiesch gespiilt. Dan gouf et awer rem iessen an jidereen war erem am iessall. Faier am kamein huet gebrannt wei och all ääner owend, an mir sin dann nom iessen an den dortua schlooffen gäängen. Muer kinnten mir endlech and Sauna an duchen goen, dofir hun mir eis Schwammsäächen schon agepaackt.

Nicolas Piron


Méindes, den 21. Februar 2011

Den Daag hued fier d Lions Bleus zimlech frei ugefaang, nodeems jidereen sech an sein schicken Skikostüm geschmass haat, gouf Carré gepaff. Deen eichten Carré wou alleguerten dei originell Patrullenkreescher presentieert ginn sinn. Zimlech kuez dropp goug et dunn un den Desch, jidereen hued nach vill Stärkt getankt, bis mettes ass et nämlech zimlech laang ;) . Turracher Höhe war eis Destinatioun fier deen Daag, daat heescht, mier sinn mol eng gudd Stonn mam Auto getuckert bis ma unkomm sinn, och wann ennen am Dall weineg Schnei loung hued een uewen mei vun deem fresch gefallenem Schnei gesin, fier den Rescht war et zimlech niwweleg an kaal. Wou jidereen dann seng Skier an Snowboarder haat, ass et an Gruppen lassgaang, eis Flitzerequippen sinn sou gefuer wie wann nie een Summer zweschend hierer leschter Skivakanz gewiecht wier an dei Aaner sinn zwa besseren mei lues weiderkomm mais hunn hier Saach schlussendlech aver gudd gemeeschtert, objidenfall ass jidereen heel ukomm. Mettes goufen et Schmieren, leider war et fier puer Leit sou kaal, datt se op eng zweet Schmier verzicht hunn, well et sou kaal war fier se unzehaalen mais dei meescht hunn sech net dovun oofhaalen geloss an hunn bis zu 7 Schmieren verdreckt. Herno ass et dann nach gudd weidergaang mam fueren. Et war net nemmen deen eichten Daag op da Pist mais et war och deen eichten Daag wou ma and Sauna waren an eng Dusch konnten huelen. Jidereen war zimlech midd, dofier hunn sech een tapferen Mann an een tapfert Meedchen decideiert mol 10 Längten an engem ongehezten Bassin ze schwammen (ech muss nemmei betounen, datt et am Daag op da Pist minus 11 Grad waren and Waasser soumat also wieklech noo um freieren war) Dei aaner hunn sech während der Zeit an da Sauna alt bewonneren geloos vun eiser pummelecher Tunte. Kuez Explicatioun: een jonken pummelchen (net schrecklech attraktiv) hued sech scheinbar an en puer männlech Kandidaten aus dem Grupp verkuckt, anscheinend ass den ,Schokoladenseiten, vun eiser männlecher Besatzung einfach net ze widerstoen. Owes haat eis Kichenequippe eppes ganz leckeres op den Desch bruecht, mier sinn wie emmer richtig verwinnt ginn. Owes gungen verschiddener mei frei schlooffen well se schon ganz ausgepowert waaren, dei aaner haaten aver nach laang geschwaat oder Kaarten gespiilt. Um 11 Auer haat den Bistro Chouchou dunn zougemaach an ech mengen ech muss nemmei soen, datt jidereen direkt deif ageschloof ass.

Claude Müller

Dönschdeg, den 22. Februar 2011

Moies sinn mir wéi ëmmer um 7 Auer erwächt, hun ons Saachen gepaack an an den carré gaangen. D'Kreecher goufen gemaach, an dann nach den Daagesooflaaf erkläert. Nom Carré hun mir séier Kaffi gedronk, d'Chargen



Rapport Techuana 2011

Sinn gemaach ginn an dann hun mer ons op den Wee gemaach. Mir sinn ëmmerongeféier eng Stännchen gefuer, bis dat mer zu Nassfeld unkomm sinn. Dohannen hun mir eis eng schéin Parkplaz gesicht, an mir hun dann do d' Ski & etc. ausgepaack an jiddereen huet sech prettgemaach. Dunn goufen d' Équipen gemaach, an mir sinn schon lassgefuer. Als et 12:30 Auer war, war den moien schon färdeg, an mir hun eis rëm op dem Parking getraff fir Schmieren z'iessen. Wou mer färdeg waren, sinn mer nach eng kéier bis 16:30 Auer fueren gaangen an hun eis herno nach op enger Hüttan getraff, eppes klenges gedronk an rëm wieder op den Parking. Géint 17 Auer rëm alles angepaack an lassgefuer. Mir sinn dun Heem gefuer wou d' Kachéquipe schon gekacht huet. Mir hun eis beschäftegt, an kuerz dono hun mer giess. Herno hun mer d'Chargen rëm gemaach, an dann konnten déi schloofen déi wollten (keen :p) an dun hun mer Prési an Couillon gespillt. An dann sin mer no engem unstrengenden Daach endlech schloofen gaangen, no deem laangen an unstrengenden Daach ;) Ludovic Lemoine

Mëttwoch, den 23. Februar 2011

Mir sinn moies um halwer Acht aus der Penntuut geklommen an um Acht Auer war erëm Carré ewéi all Daag. Nom Carré sinn mer dun eran Frühstücken gaang, et gouv ewéi all Moien KGB mat Landliebe. Nom Iessen sinn d'Chargen gemaach ginn, an nodeems déi gemaach waren an jiddereen an den Autoen soutz sinn mer dun op d'Turracher Höhe gefuer, dat nemmlecht Schigebitt wéi Méindes. Ënnerwee hun mer schon gemierkt dass mer en wonnerschéinen Daag mat vill Sonn an bloem Himmel géifen kréien. Op der Turracher Höhe ukomm hatte mer gemierkt dat mer wierklech wonnerschéint Wieder hun, mee mat -11°C an engem gudde starken Wand. Wéi mer dun all färdeg ugedoën waren an eis an Equipen opgedeelt haaten ass et dun lass op d'Pist gaangen. Wéi mer mat dem Sessellift op den hécksten Bierg vun der Turracher Höhe gefuer sinn, huet en schon ënnerwee gemierkt dat et nët ganz gemittleg um Bierg wier. Uewen ukomm huet sech déi Théorie dun och bestätegt, well bei opmannst -20°C an enger Loft wou en baal fortgeflunn ass war et wierklech nët immens gemittleg op der Kopp. D'Equipen haaten sech erëm fir Eng Auer bei den Autoen getraff fir zu Mëttg ze iessen, daat Ganzt war och keng ganz gemittleg Affaire, well engem d'Fangeren beim iessen ganz séier ganz kaal ginn sinn. Fir Mëttes sinn dun aaner Equipen gemaach ginn, an mir haaten eis fir 4 Auer Rdv op der Mettelstatioun ginn fir do nach gemittleg eppes zesummen ze drénken respektiv en gudden Kaiserschmarrn ze iessen. Leider hat eis Equipe(Nëckel, Ludovic, Samuel, Sam, Nicolas an Eric) ët nët gepackt fir den letzten Lift ze kréien, dun haaten mir eis einfach bei den Autoen an eng Hütt gesaat an do gemittleg eppes gedronk. Dun iergentwann sin dei aaner dun och erëm eroof gefuer komm, an mir sinn dun zesummen op Badkleinkirchheim an d'Piscine gefuer. No der Schwämm an der Sauna sinn mer erëm zeréck an Techuana gefuer. Do ukomm hun mer d' Saachen aus den Autoen geraumt an hun eis naas Dicher opgehangen. Nodems dat gemach war gouv et ze iessen. Waat daat war wees ech leider nët méi, waat awer net schlëmm ass well et ewéi ëmmer super geschmaacht huet. No den Chargen war dun nach e besseren GBS an duerno sinn mer schloofen gaang.

Eric Holzem



Rapport Techuana 2011

Donneschdes, den 24. Februar 2011

Moies sinn mer erëm um 7 Auer erwäscht, an mir hunn daat üblecht gemaach (Carré, Kaffi, Chargen, anpaacken & fueren). Dunn sin mer rëm eng Stëndchen gefuer bis op Nassfeld. Dohannen unkomm hun mir ons pret gemaach, an dann hun mir eis ob d'Pisten gemaach. Mëttes hun mer eis géint 1 Auer getraff fir z' iessen, an dann rem frësch gestärkt op d'Pisten, an herno rëm an enger Hütt en leckeren Almdudler drénken. Dono sinn mer bei Autoen gefuer, hun eis Ski ausgedoën & geraumt an sinn dann rëm zerëck an Techuana gefuer. An lo kënt et, meng Dammen an méng Herren, den Moment ob deen der alleguerten gewaart hudd...: Den Owend gouf et Fondue! ;) an déi war wéi ëmmer rëm ganz gudd, an jiddereen huet mat vollem Herzen sein Brout an d'Dëppen gezappt, also baal jiddereen, ausser verschidden Léit eben déi d'Fondue nët verdroën an d'letzt Joër alles rausgekübelt hun.:p ech nennen keng Nimm ;) an dunn haaten mer rëm en flotten owend, mat Kaarten en klengt Feierchen, d'Chargen goufen fir d'éischt natierlech gemaach, an dann sinn mer schloofen gaangen, déi meechten mat Bauchwéi vum ze villen Fondueiessen ;)

Ludovic Lemoine

Fréides, den 25. Februar 2011

Haut ass den fënnëften, an läschten Skidaag vun eisem Camp. Nom alldäglichen Moiesprogramm, also opstoen, Carrée, Iessen an Chargen maachen, ass et an voller Montur an d'Autoen gang. Eis Rees ass fir drëtt Keier op Turracher Höhe gang. Do konnten mir nach eemol den Schnei bei Sonn an bloëm Himmel geneissen. Verschidden Leit hun och namol profiteiert fir mam Nockyflitzer den Bierg roof ze düsen. An der Mëtteppaus hun mir eis all rem zesummen getraff, fir dess Keier an enger Hütt den eistraicheschen Kascht ze geneissen. No en puer nomëtteg Abfahrten ass et dunn richtung Thermen zu Bad Kleinkirchheim gang. Eng läscht Keier hun mer profiteiert fir eis an der Sauna auszeschweessen, d'Piscine onsëcher ze machen an einfach nëmnen ze relaxen. Dei do gesammelten Energie konnten mir och gudd gebrauchen, wëll et stoung nach genuch um Programm. Owes rem unkomm zu Techuana, sin d'Valisen gepaak an nach eng Stärkung vun der Kichenequipe giess gin. Dunn wor et och un der Zait daat ganzt Material zesummen ze paaken an an der Remorque ze verstauen, sou wei och schon ze raumen an ze botzen. No engem laangen Daag sin mir geint 23.00 Auer all erschöpft an eisen Schloofsaak gekrabbelt fir Energie fir eis Heemrees ze tanken. Gudd Nuecht!

Soa

Samstes, den 26. Februar 2011

Um 5:00 sin mir schon erwächt an t'ass net getränkelt ginn. D'Valisen woren schon sou gudd wéi gepaack. Den Kaffee misst nëmnen nach gedronk ginn an mir waren schon sou gudd wéi fort. Den letzten Carré ass nach gemaach ginn an den Fändel gouf eroofgezunn. No enger halwer Stonn (Kaffidrénken, Rescht paacken & botzen) sinn mir schon gefuer. Lo soutzen mir bessi méi wéi 10 Stonnen am Auto an hun ongeféier no zwou Stonnen eng Paus gemaach. Géint 13:00 haaten mir d'Mëttespaus gemaach. Mir sinn dunn am selwechten Rythmus weider gefuer. Um ongeféier 18:30 sinn mir am Home ukomm an hun daat ganzt Material geraumt an ausgepaack. Mir hun virum Iessen alles



Rapport Techuana 2011


gespullt. Dun hun mir eis zesummen beschäfteg an nach bëssen MEXI KO gespillt an sinn méi spéit an e Restaurant op Bouneweg iessen gaang. Dono sinn mer nees zerèck an d' Home gefuer wou mir natiirlech nach vum Owend profitéiert hun an jidereen ass ongeféier dann schloofen gaang weini hien Loscht drop haat.

Samuel Lemoine

Sonndes, den 27. Februar 2011

No ënger gudder Woch Camp missten Scouten nët um 7 Auer opstoen a konnten haut e bëssen méi laang schlofen. Um 9 Auer huert de Wëcker gerabbelt an de préparéierte Kaffisdoft huert sëch schons an den Dortoir eropgeschlach. Direkt huert jidferen säng Saachen gepaackt an déi an d'Garage bruecht. De Kaffisdëch war nëmmen mat dénen bëschten Saachen gedéckt, wëll mir haaten jo nach fill rëschter. Nom Kaffi drénken goufen Chargen opgedeelt wéi Home botzen, Käschen ausraumen, Autoen botzen an ! Um 11 Auer sin d'Elteren béi d'Home béigefuer. Virum Home gouf nach e bësse gepotert sou wéi nach déi éischt Erlifnësser ausgetosch. Wou all Scout an Explorer fun hirer Elteren oofgeholl gi sin, konnten och d'Cheffen hém fueren fir déi éischt Wäsch dohém ze maaachen

Kodiak



Rapport Fuesweekend Meute

Rapport Fuesweekend tum 12-13/02/2011

Samstag, den 12. Februar 2011

Unsere Fasching Party.

Wir haben uns verkleidet und 3 Gruppen gemacht. Wir haben tolle Spiele gemacht und getanzt, das war lustig. Wir haben gekocht und gebacken und es hat allen gut geschmeckt. Mir hat es gut gefallen und ich glaube den andern hat es auch gefallen. Wir haben auch eine Piniata gemacht. Wir konnten die Piniata nicht zerschlagen weil wir Blodsinn gemacht haben. Es war ein super Wochenende. Nastia

Nuetsspill,

Geschter Owend ware mer bis op e Bierrg gaange fir en Nuetsspill ze maachen. Mir miisste Fuesbannercher op de Straich fannen dei rot greng a blo Bannercher waren 10 Punkte waert, dei giel a eis waren 5 Punkte waert an dei schwaarz waren 20 Punkte waert. weis waren 5 Punkte waert an dei schwaarz waren 20 Punkte waert. Den dei meschte Punkten hat huet gewonnen. Mir dierfte keng Tascheluucht benotzen. Et waren 2 Gruppen. Jim Riewer

Sonntag, den 13. Februar 2011

Am Morgen hat es im Schlafsaal wie in einem "Affenkafig" gestunken. Als wir am Frühstückstisch saßen haben alle so laut geplappert dass wir erst nach fünf Minuten mit dem Essen anfangen konnten. Wir wurden in drei Gruppen aufgeteilt um Fueskichelcher zu backen, Gemüsesuppe zu kochen und Lieder ("de Bockel vollgepaack" und "Mir sin d'Wellef vun der Fnel") zu üben. Die Fueskichelcher waren für die Bewohner im Altersheim Hamm, die wir ihnen am Nachmittag bringen wollten und ihnen dabei auch die Lieder vortragen wollten. Jedes Kind hat während des Vormittags in allen Gruppen mitgeholfen. Nach dem leckeren Mittagessen und dem Abwasch ging es los Richtung Altersheim Hamm. David Steichen

Unsere gro e BA

Am Nachmittag erklärte Chouette uns dass wir in das Altersheim gehen. Sie erklärte uns, wie wir was tun sollen. Wir müssen drei Lieder singen: „Heich den Bockel voll gepackt“ und „Mir sin d'Wellefcher vun der FNEL“ und noch „Dans mon pays d'Espagne, Ole“. Nach dem Erklären haben wir noch auf Prunelle, Claude und Sophie gewartet. Als sie da waren gingen wir. Im Altersheim angekommen, führte uns einer in ein großes Zimmer, wo wir warten mussten. Wir haben unsere Hände gewaschen und dann sind wir gerufen worden. Eine junge Dame zeigt uns wo wir hin gehen sollen. Als wir im Saal angekommen waren, sahen wir da lauter alte Leute. Wir sangen: „Mir sin d'Wellefcher vun der FNEL“, haben wir nur die erste Strafe und der Refrain gesungen. Beim „Heich den Bockel voll gepackt“ haben wir auch nur die erste Strafe und der Refrain gesungen. Bei „Mon pays d'Espagne, ole“ haben wir ganz gesungen. Als wir fertig mit singen waren, verteilten wir Faschingskekse aus. Wir haben unseren Namen gesagt und die Leute haben noch Fragen gestellt. Dann gingen wir noch bei eine alte Dame, die im Bett lag. Hier sangen wir das Lied „Mir sin d'Wellefcher vun der FNEL“. Wir haben nur die erste Strophe und der Refrain gesungen. Dann hat einer von uns ihr eine Tüte Faschingskekse gegeben. Sie hat uns noch Fragen gestellt. Jetzt gingen wir in ein anderes Zimmer. Da haben wir „Heich den Bockel voll gepackt“ gesungen und weil er auch in den Scouten war, haben wir das ganze Lied gesungen. Dann haben wir ihm die Kekse übergeben. Er hat noch Fragen gestellt. Dann haben wir uns verabschiedet und sind gegangen. Die Cheffen waren begeistert, weil wir so brav waren. Ketty Majerus



Dem LIB séng Säit

Den LIB séng Säit



OUSCHTERHUESbaacken

Zutaten fir 4 Stéck:

500g Miel
1 Messerspëtz Salz
1 Ee (Gréisst M)
60g Zocker
50g Botter
1/4l Mëllech
1 Würfel frësch Hief
8 Korinten
1 Eegiel
Miel fir Aarbëschtsfläch &
Fett fir den Baackblech



D'Miel an eng Schossel sift. An d'Mëtt eng Muld drécken, d'Salz an d'Ee dranginn. Mat deenen 50g Zocker bestreen. D'Fett schmélzen an déi kaal Mëllech bis op een lesslöffel dozougéissen. D'Hief an 10g Zocker mateneen verréieren an dono Hief an daat lauwaarmt Mëllechgemësch bei d'Miel dobai ginn an alles zu engem glaaten Hiefdeeg verknieden. Mat Miel bestäuben an zougedeckt zirka 30 Minuten op enger waarmer Plaaz goën loossen. Dann den Deeg op der gemielter Aarbëschtsfläch duerchknieden an nach emol 15 Minuten goën loossen.

Wann dëst geschidd ass, gët Deegmass an 8 gläichméisseg Stécker gedeelt an dono an zirka zu 12cm laang Rullen geformt. Un deenen spatzen Enden tief anschneiden an jeweils 2 Stéck aneneen leen. Korinten als Aan dropdrécken, op den gefetten Baackblech setzen an zirka 5-10 Minuten rouen loossen. D'Eegiel an déirestlech Mëllech verréieren an d'Huesen domadden bepinselen.

Zum Schluss müssen eis lecker Huesen nach 20 Minuten bei 200° / Umluft 175° oder Gas: Stuf 3) gebaack ginn.

Wënschen Ierch e gudden Appetit :) :)



OUSCHTERHUESbastelen

Folgend Material brauchen mer:

Filz (gro oder giel)
Textilfaarw (brong)
Kleng hell Pärelen
Blaat Pabéier
Bläistëft
Schéier
Stiechnoolen
Bitzmaschinn mat Zwier



An sou geet ët!

1. Hues- oder Héngerfierlaag op den Pabéier zeechnen an ausschneiden.
2. Mat Hëllef vun dengem Stiechnoolen fixéiers de deng Fierlagen op 2 Lagen Filz an kanns se dono ganz bequem erausschneiden.
3. Dono steps de dës mat der richteger Faarw Zwier zesummen.
4. Den zesummegebittzen Hues liicht an brong Textilfaarw tunken, ausdrécken an dréchnen loossen.
5. Zum Schluss kënnen beim Hung nach kleng Pärelen als Aan opgebitzt ginn.


Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



TECHUANA

Jugendcamp • St.Martin-Rosegg



TECHUANA - Jugendcamp
St. Martin • St. Martin 340 • A-9000 Spittal
H. Holzgerner, Hammerfeld 15, A-9000 Spittal
Telefon 0 4702 - 377 14
E-Mail: juchendcamp@techuana.at

Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL Bismervie
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg

Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL Bismervie
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg

MALLORCA
RECLUTOS DE MALLORCA
ORDRE AUS MALLORCA



Reclutaron
aus
Mallorca
Pharich

© Lions Club

Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL Bismervie
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg



MALLORCA

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:
2/04/2011 - 14/05/2011 - 21/05/2011 - 18/06/2011

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:30 - 19:30

- 07/04/2011	- 02/06/2011
- 05/05/2011	- 16/06/2011
- 19/05/2011	- 30/06/2011

ALLGEMENG Datumer:

02-03/04/2011	Bosses & Bobos 1	07-08/05/2011	EXPLO
02-03/04/2011	SIXPLO	07-08/05/2011	Bosses & Bobos 2
04/04/2011	Soirée Chef de groupes	22/05/2011	BEAVERFUNDAY
09-12/04/2011	Leadership-Camp	18/06/2011	RALLYE 'Een Daag e Scout'
10-15/04/2011	Explorer/Rovercamp an der Ardèche & EX-Brevêt	19/06/2011	Fest vun der Natur
22-24/04/2011	Scoutsakademie	08/07/2011	Nuit des brevêts
		09/07/2011	POW-WOW

“Eng faarweg Welt” ass den Slogan vun der FNEL.

Virwaat? Ma **2011** steet am **Joër vum BÉNÉVOLAT**. Fir dësen setzen sech méi an manner grouss Veräiner/Associatiounen all Daag nees mat vollem Asaatz an, well ouni den Bénévolat géif et keng Scouten an vill aaneres schon laang net méi ginn.

Dofir huet FNEL en Schaffgrupp gegrënnt dien och sou munsches op Been stellt, wéi z.B.:

18.-20.03.2011	FNEL Stand um 'Festival de l'immigration'
04.-07.05.2011	FORUM du bénévolat (Concorde)
18.06.2011	RALLY 'Scout fir een Daag'
22.06.2011	FAACKELZUCH mat Weenschen 'Eng faarweg Welt'



News Meute

News Meute

Dës Versammlung gët eng besonnesch Versammlung.

Mir treffen eis **nët** beim Home, mee

Rendez-vous: um 14h00 op der Kockelscheier
(bei der Spillplaz am Eck vum
grousse Parking)

Retour: Aer Eltere kënnen iech op
der selwächter Plaz erëm
ofhuelen, an zwar um 16.30!

Do treffe mer 2 Leit déi eng grouss Leeder dobäihun
an domadder mat eis an de Bësch gin. An dann...?

Majo, da rätselt emol...

En Tip: Héich u verschiddene Beem hänken esou komësch Këschen...



Deng Meutecheffen: Chouette / Tahr / Charles / Sophie / Prunelle / Claude

ROVER Weekend

Lions Bleus Rover-Weekend

Un all Cheffen, Rover, Amicale, Schnéiklatzensukkler, Breimettien a -kettien

E gemittlechen Owend verbréngen, d'Box um pickegen Drot futti maachen, an d'Box maachen vun Laachen,
e gudden Glühwäin drénken an eng gutt Spaghetti iessen oder och net, ënnert Frënn poteren, Geschichten
erzielen, ze Fouss trëppelen, en fäerdeg organiséierten WE matgoen, een Männerfeier maachen, grillen,
sech erëm eng Kéier als Kand fillen,.....

Dëst sinn e puer Beispiller, déi een op engem Rover-WE vun den Lions Bleus erliewen kann. Mee eppes ass
awer dëst Joer aussergewöhnlech, an zwar

Tjo, dat wëlls du elo gären wëssen, ma dann géi einfach mat.

Rendez-Vous: Samschdes den 30. Abrëll 2011 um 09h30 op der Gare zu Dummeldeng

Retour: Sonndes den 01. Mee 2011 géint 17h00 op der Gare zu Dummeldeng

Umeldung bis den 22. Abrëll 2011 op mike.kremer@cargolux.com

Material: alles wat en op engem Rover-WE esou brauch

Fir samschdes Owes huet d'Organioun gesuergt. Samschdegmëtten brauchts du eng Kuscht souwéi och fir
sonndes Mëttes muss du eppes fir ze grillen matbréngen. Ären groussen Rucksak (mat waarmen
Schlofsak an Carrymat) gëtt vun der Organioun op der Gare ofgehol. Ären klengen Rucksak, fir déi déi
een brauchen, mat Bidon oder e klengen Snack, eng Kaart vun Betzder, 8 Aachtercher, een Larousse, een
Dictionnaire, Telefonsnummer vun Mammut, Telefonsbicher, ... soll der dann um Trajet mathuelen.

D'Organioun

et schengt

et schengt

- 01) wei wann verschidden Penneren géingen méi verdingen wéi Entrepreneuren
- 02) wei wann verschidden Brieder sech kéinten selbstständig maan
- 03) wei wann wann d'Piniata vun den Wëllefcher gestierzt ginn wier
- 04) wei wann verschidde Léit um Gala déi néi Seef fir d'Spullmaschinn getest hun
- 05) wei wann et well nët méi wou ass d'Claude heescht...
- 06) wei wann d'Scouten aus der Troupe zu professionellen Chemiker ausgebild ginn
- 07) wei wann d'Scouten während enger Patrullenversammlung nët sou vill ze dinn haaten
- 08) wei wann en jonken Explorerchef mam decke Bier an den Déifschnei spillen gangen wier
- 09) wei wann e puer wacklech Skifuerer 20 Längten am eiskaalem Waasser geschwommen wieren
- 10) wéi wann wéi wann eis Beaver e puer Spréch op Lager hätten
- 11) wei wann verschidden Léit ze vill fierwëlzig wieren
- 12) wei wann wéi wann d'Colonie zu méi wéi genuch wieren
- 13) wei wann d'Beaver schon wéissten wat gudd an waat schlecht ass
- 14) wei wann verschidden Wëllef gären ouni Boxen an Schong Heem géifen goën
- 15) wei wann d'Wëllef zu richtegen Raubdéieren mutéiert wieren
- 16) wei wann verschidden Wëllefcher am Laaf vum Fuesweekend ëmmer méi brong gi wären
- 17) wei wann d'Wëllefcher um Fuesweekend eng grouss B.A. am Altersheem vun Hamm gemaach hätten
- 18) wei wann d'AGGL mat der FNEL géif flirten
- 19) wei wann eng Äera op en Enn geet
- 20) wei wann d'Partullensäll nei Schief hätten
- 21) wei wann am Home besser eppes geschitt wier

et schengt net nemmen

- 01) wei wann den Couillon trotzdem nach ëmmer am schlechtesten drun wier
- 02) wei wann wann een misst zimlech schnell laafen fir dëst nees anzehuelen
- 03) wei wann sie nët vill Erbaamen fir den lesel iwwreg gehaat hätten
- 04) wei wann dono Spullkichen folter Schaum war an das onsen Rettungsschwëmmerkach mat Schnorchel an Flossen déi betrëffe Léit rëtte gaangen as
- 05) wei wann wei wann et lo: Wou ass d'Maiti? Ass :)
- 06) wei wann d'Scoutscheffen sech prächtig mat den Chemikalien amüséiert hun fir déi Experimenter-Versammlung ze organisieren
- 07) wei wann d'Scoutscheffen sech doropshin en gemittlechen Stull fir bei Feier vun hinnen bauen geloos hun
- 08) wei wann wéi wann en do nët richtig mathaalen konnt, an doropshin anstäneg Schnéi gefriess hätt
- 09) wei wann wéi wann se doropshin duerch Ënnerkilling nach 2 Minuten an der 90°C Sauna geziddert hätten
- 10) wei wann wéi wann déi lo demnächst an der Wandrous erschéngen géifen
- 11) wei wann wéi wann se engem mat hierem Gestéppels bëssen op d'Nerven géifen goën
- 12) wei wann wéi wann keen méi ugeholl géif ginn
- 13) wei wann wéi wann LGS déi domm Scouten wieren
- 14) wei wann wéi wann et sou schwéier wier all d'Saachen an een Schaaf ze stiechen
- 15) wei wann wéi wann dei sougenannten Piniata all hier Déiereninstinkter ausgeléist hätt
- 16) wei wann wéi wann daat awer nët un der Sonnenstrahlung louch mee un enger Schokolates-Fondue-Organie
- 17) wei wann wéi wann een do all Scouten kann treffen, déi "Héich de Bockel voll" kënnen matsangen
- 18) wei wann si sech géife gléich zesummen Paxen
- 19) wei wann dest Joer net graad esou vill Leit gudd iesen komm sin
- 20) wei wann et Millimetaraarbescht gewiercht wier dei aus dem Keller erop zedroen
- 21) wei wann een elo baal en Sonnenbrell brauch fir an de groussen Sall zegoen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeier Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 332 as zesummengesatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tahr, Christophe a Maiti

Un der WANDROUS N°333 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Samuel a Ludovic Lemoine / Nicolas Piron / Claude Müller / Eric Holzem / Soa / Mouette / Nastia / Jim Riewer / David Steichen / Ketty Majerus / Techuanaéquie / Galaéquie / Kodiak / Tamia a Chouch

Programm Wandrouns

De Wandrouns Programm

abrëll'11			mee'11			juni'11		
Fr	1		So	1	ROVER-WEEKEND	Me	1	
Sa	2	Beaver/Patrull/Explorier SIXPLO (Meute) LBB-Shop 15:45-16:15	Me	2		Do	2	FNEL-Shop 17:30-19:30
So	3	SIXPLO (Meute)	De	3		Fr	3	
Me	4		Me	4	Permanence	Sa	4	BEAVER-PIRATENSORTIE
De	5		Do	5	FNEL-Shop 17:30-19:30	So	5	
Me	6	Permanence	Fr	6		Me	6	
Do	7	FNEL-Shop 17:30-19:30	Sa	7	Beaver/Meute/Explorier EXPLO (Troupe)	De	7	
Fr	8		So	8	EXPLO (Troupe)	Me	8	Permanence
Sa	9		Me	9		Do	9	
So	10	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	De	10		Fr	10	
Me	11	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	Me	11	Permanence	Sa	11	Beaver/Meute/Explorier TRUPPENSORTIE
De	12	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	Do	12		So	12	
Me	13	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	Fr	13		Me	13	
Do	14	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	Sa	14	Trupp/Explorier BEAVER & WËLLEF SORTIE LBB-Shop 15:45-16:15	De	14	
Fr	15	EXPLORER-ROVER FNEL Camp an der Ardèche	So	15		Me	15	Permanence
Sa	16		Me	16		Do	16	FNEL-Shop 17:30-19:30
So	17	OUSCHTERCAMP BEAVER	De	17		Fr	17	
Me	18	OUSCHTERCAMP BEAVER, MEUTE & TROUPE	Me	18	Permanence	Sa	18	RALLYE "Scout fir een Daag" LBB-Shop 15:45-16:15
De	19	OUSCHTERCAMP BEAVER, MEUTE & TROUPE	Do	19	FNEL-Shop 17:30-19:30	So	19	FEST vun der NATUR
Me	20	OUSCHTERCAMP MEUTE & TROUPE	Fr	20	Wandrounsendeschluss	Me	20	
Do	21		Sa	21	Beaver/Meute/Patrull/Explorier LBB-Shop 15:45-16:15	De	21	
Fr	22		So	22	BEAVERFUNDAY (Beaver)	Me	22	FAACKELZUCH & LBB Grillstand
Sa	23		Me	23		Do	23	
So	24		De	24	Komité	Fr	24	
Me	25		Me	25	Permanence	Sa	25	Beaver/Meute/Patrull/Explorier
De	26	Komité	Do	26		So	26	
Me	27	Permanence	Fr	27	Wandrounsredaktionsschluss	Me	27	
Do	28		Sa	28	PENGSCHTCAMP Wëllef/Scouten/Explorier	De	28	Komité
Fr	29		So	29	PENGSCHTCAMP Beaver/Wëllef/Scouten/Explorier	Me	29	Permanence
Sa	30	keng Versammlungen PATRULLENSORTIE ROVER-WEEKEND	Me	30	PENGSCHTCAMP Beaver/Wëllef/Scouten/Explorier	Do	30	FNEL-Shop 17:30-19:30
			De	31	PENGSCHTCAMP Wëllef/Scouten/Explorier			

Allerläscht Wandrous - Sait

www.lionsbleus.lu



fne!  
scouts & guides



* THAT'S ALL FOLKS

